# DESINFORMATIOUN 101

D'Realitéit vun der globaler Erwiermung, d'Effizienz vun Impfstoffer oder d'Gesondheetsrisiken duerch Autosofgasen hunn all eppes gemeinsam: D'Grondlagen vun der Fuerschung gi reegelméisseg a politeschen Diskussiounen deforméiert.

Sief et op Facebook, Twitter & Co, op Blogsäiten, a parlamentaresche Rieden oder a perséinleche Gespréicher. Fir Laien sinn déi rhetoresch Tricken, mat deenen versicht gëtt de Public ze manipuléieren, dacks nëmme schwéier ze duerchkucken.

Dës Biller weisen wéi déi meescht genotzte Strategien aus der Verniwwelungsmaschinn vun der Desinformatioun fonctionéieren.

## Falschen Expert

→ Onqualifizéiert Persounen oder Institutiounen als vertrauenswierdeg Quell ugesinn.




**Grouss Zuel vu Pseudo-Experten**
→ Zitéieren vun enger grousser Zuel vun onqualifizéierte Persounen fir ze argumentéieren datt d'Fuerschung net gesëchert wier.




**Opgeblose Minoritéit**
→ Verstäerkung vun der Bedeitung duerch e puer Fuerscher déi aner Meenung sinn, fir Zweiwel um iwwerwältegende wëssenschaftleche Konsens ze séien.



**Falschen Debat**
→ Serió Fuerschung a Pseudo Experten an engem Pro & Kontra Format presentéieren, fir den ierféierenden Androck vun engem Debat an der Fuerschung ze suggeréieren.

## Logeschen Denkfeeler

→ Argumenter opzielen, déi onlogesch sinn, well se aus korrekten Informatiounen déi falsch Conclusiounen zéien.



**Falsch Analogie**
→ Unhuelen, well sech zwou Saachen d'Selwecht verhalen, dat och fir aner Saache gëllt.



**Ambiguitéit**
→ Eng dubiéis Sprooch benotzen fir een op d'Glatäis ze leeden an zu ierféierenden Conclusiounen verleeden.

**Iwwerstierzte Conclusioun**
→ Duerch ignoréieren vu wichtegen Informatiounen enger falscher Ausso Credibilitéit vermëttelen.






**E falsche Choix**
→ Falsch Dichotomie
Nëmmen zwou Méiglechkeete virschloen, obschonns et der méi gëtt.

→ Eng eenzeg Ursaach
Nëmmen eng Ursaach oder ee Grond nennen, obschonns et der méi kënne sinn.




**Op d'Persoun gericht**
→ Eng Persoun oder e Grupp attackéieren anstatt d'Argumenter gëllen ze loossen.



**Eng Bomm geheien**
→ Wann d'Diskussioun op engem desagreabele Punkt ass, gëtt eng Fro an de Raum gehäit déi all Opmierksamkeet op sech zitt a vum ursprénglechen Thema oflenkt.




**Falsch Duerstellung**
→ Eng Situatioun oder eng Positioun vun engem Géigner verdréien fir esou déi eege Behaaptungen scheinbar ze ënnerstëtzen.



**Stréimännche**
→ D'Positioun vun engem Diskussiounspartner oder enger drëtter Persoun falsch oder verzerrt duerstellen , fir se besser kënnen ze attackéieren.

## Onméiglech Exigenzen

→ Onrealistesch Standarden vun der Fuerschung verlaangen, déi guer net kënnen erfëllt ginn, wéi z.B. en onerreechbaren Niveau u Gewëssheet.



**De Goal verréckelen**
→ D'Evidenz aus der Fuerschung ëmmer nees mat neie Fuerderungen erop schrauwen.

## Korinte picken

→ Geziilt Informatiounen erauspicken fir déi eegen Ausso ze ënnermaueren an dobäi wichteg Informatiounen bewosst ignoréieren, déi der Argumentatioun géinge widdersprechen.



**Lidderegkeet**
→ Nëmmen esou laang no den Informatioune sichen fir di perséinlech Conclusiounen ze ënnerstëtzen. Domadder ginn awer elementar Informatiounen ignoréiert, déi net an dat Bild passen.




**Meng Story**
→ Subjektiv a perséinlech Experienzen oder isoléiert Beispiller an de Vierdergrond réckelen, aplaz schlëssegen an iwwerzeegenden Argumenter aus der Fuerschung de Virtrëtt ze loossen.

## Konspirativ Theorien



→ Behaapten, dass Geheimpläng bestinn, déi ons all niddeträchteg manipuléieren an déi verhënneren géifen, dass mer d'Wourecht gewuer ginn.



energywelt.lu ENERGY WELT · Gemeng Hesper hesperange.lu · Klima-Bündnis Lëtzebuerg klimabuendnis.lu · Skeptical Science sks.to/flicc-poster · klimafakten.de klimafakten.de/flokk · Illustratioun an Design Marie-Pascale Gafinen gafinen.com
CC BY ND